Dat solle mer net soen, dass et definitiv eriwwer ass. Mä komm, mir maachen dat elo, wat e Konsensus ass. Dat ass effektiv d'Adoption simple opmaachen, total. Adoption plénière sech reservéieren. Ech kommen nach op déi Arrêten zréck, d'Affär Wagner. D'Adoption plénière reservéieren an den Accouchement anonyme reforméieren an deem Sënn, dass d'Kand kann d'Recht hunn - a Frankräich gëtt et esou eng Solutioun -, op seng Originen zréckzekommen. Net den Accouchement anonyme total ofschafen, mä eng nei Solutioun ze fannen.

Dat ass och eppes, wat mer wëllen - d'Madame Familljeminister an de Justizminister - zesumme maachen. Mir sinn och der Meenung, dass een déi doten Adoptiounsreform plus d'Ouverture vum Bestietnis fir gläichgeschlechtlech Koppele soll an engem Text maachen. Wa mer nämlech d'Ouverture vu gläichgeschlechtleche Koppelen eleng maachen, da kréie mer juristesch Froen, da musse mer tarabiscotéiert Dispositions transitoires am Code civil maachen. Dat ass keng propper legislativ Aarbecht.

Mir wollten - d'Familljeministesch an de Justizminister - d'Debatt vun haut ofwaarden. Et ass wuel keng Motioun komm, mä ech mengen, all déi, déi d'Debatt nogelauschtert hunn, konnten awer spieren, dass et keng Unanimitéit gëtt, selbstverständlech, mä largë Konsensus besteet, fir op déi Weeër ze goen, wéi ech menge se elo résuméiert gehat ze hunn. Sou dass mer kéinten esou séier wéi méiglech an deenen nächste Méint e Gesetzesprojet iwwert déi zwee Voleten ausschaffen an deen heihinnerbréngen, deen esou séier wéi méiglech stëmmen, well jo da mer musse kucken, notamment an der Commission juridique mat all deenen anere Projete vu Familljerecht eens ze ginn an dat zesummenzeféieren.

Mir sinn amgaangen, eng fundamental Reform ze maache vum Familljerecht. Och dat huet d'Regierung a maassgeblech de Justizminister dozou beweegt fir ze soen, komm, mir waarden net mat deene Reformen, weder Avortement, wat elo e bësse méi wäit ewech ass, mä virun allem Bestietnis an Adoptioun. Komm, mir maachen déi nei Saachen direkt, fir dass mer vläicht kënnen esou séier wéi méiglech eng ganz Reform maachen. Well da musse mer de Code civil wierklech och terminologesch streamlinen, wéi dat haut heescht, fir dass nach och en normale Jurist a wa méiglech och en normale Papp oder Mamm sech doranner erëmfannen.

An dofir wäerte mer an deenen nächste Méint, mir hunn eng Aarbechtsgrupp agesat, déi Leit schaffen dorun. Well bei der Adoptioun kommen nach ganz aner Froen. Nämlech déi - et ass virdru scho gesot ginn -, mir hu wéineg intern Adoptiounen. Ech wollt nach e Wuert zu eisem Stroossbuerger Uerteel soen. Mir hunn haaptsächlech international Adoptiounen. Ech mengen, mir hu gëschter laang driwwer diskutéiert, d'Problemer vun de Familljen, déi an Haiti waren. Do sinn aner Législatiounen. Dat wëll ech duerno nach kuerz beliichten.

Mä et sinn awer Länner, wou d'Convention de La Haye iwwert d'Adoptiounen net respektéiert gëtt. Wa mer soen, an dat ass eng Fuerderung vum Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand, et muss bei all Adoptioun eng uerdentlech Enquête sociale virausgoen, dann heescht dat awer och, dass bei internationalen Adoptiounen dee Prinzip och muss kënne respektéiert ginn. An do gëtt et Länner, déi respektéieren d'Convention de La Haye, an et si Länner, do gëtt et Problemer. Och déi Froe musse mer also kucken. Well effektiv déi meeschten Adoptiounen der sinn, wou net e Lëtzebuerger Uerteel do ass, mä wou et en auslännescht Uerteel gëtt. Well eng Adoptioun gëtt ëmmer iwwer Uerteel gesprach vun de Geriichter, wou et auslännesch Adoptioune gëtt, déi zu Lëtzebuerg nach just d'Exequatur kréien.

Déi Affär, déi mer viru Stroossbuerg verluer hunn als Lëtzebuerger Land, dat war folgend: Do war eng Fra, déi, wéi ganz vill aner Fraen a Männer, am Ausland eng Adoption plénière individuelle gemaach huet, geméiss dem auslännesche Recht, wat d'Adoption plénière individuelle erlaabt, wat eist Gesetz net erlaabt. Fréier war et gang und gäbe, dass d'Geriichter do d'Exequatur gesprach hunn, nämlech gesot hunn, ma dat ass en Uerteel am Ausland, et ass alles no den Droits de la défense gelaf, also kann et hei exekutéiert ginn.

An där doter Affär, déi herno bis op Stroossbuerg goung, hunn d'Geriichter gesot: „Neen, dat doten Uerteel widersprécht dem Lëtzebuerger Ordre public, well deen Artikel, dee seet, dass mer keng Adoption plénière individuelle hunn, dat ass d'ordre public." Dat war et u sech. A Stroossbuerg huet gesot: „Dat geet net. Wann dat am Ausland esou ass, da musst Der dat zu Lëtzebuerg och unerkennen."

An ëm de 16. Dezember muss dat gewiescht sinn, also op alle Fall Mëtt Dezember huet dunn d'Lëtzebuerger Jurisprudenz sech a véier Arrêten, déi mëttlerweil disponibel sinn, der Stroossbuerger Jurisprudenz adaptéiert an effektiv gesot: „Hei kënne mer net de Lëtzebuerger Artikel applizéieren, mä mir spriechen d'Exequatur vun deenen - et ware véier Uerteeler, et war eemol Haiti, zweemol Guatemala, eemol Peru, wann ech mech gutt erënneren -, mir akzeptéieren déi Uerteeler aus dem Ausland, déi eng Adoption plénière individuelle akzeptéieren."

An ech mengen, dat ass e Punkt, wou elo d'Jurisprudenz sech Stroossbuerg konforméiert huet, esou dass deen Drock op eis, fir dat elo ze analyséieren, manner grouss ass, mä do geet et ëm auslännesch Uerteeler, an net ëm Lëtzebuerger Adoptiounen.

Une voix.- Très bien!

M. François Biltgen, *Ministre de la Justice.-* An dat, mengen ech, erliichtert eis och d'Debatt vun haut an erliichtert eis déi Gesetzgebung elo ze reforméieren, no deene Prinzipien, soen ech nach eng Kéier, déi d'Commission nationale d'éthique zréckbehalen huet, déi vläicht net gradesou wäit ginn, wéi d'Accorden, déi mer an der Koalitioun haten, mä déi awer ganz wäit ginn, wat d'Rechter vun Elteren ubelaangt.

A wéi gesot, wat d'Adoption simple ubelaangt, déi eben d'Verhältis zu den ursprénglechen Eltere bestoe léisst, eben an Zukunft erlaabt, souwuel eenzel, simple ze adoptéiere wéi och als Koppel simple ze adoptéieren, woubäi bei de Koppelen och gläichgeschlechtlech Koppele kënnen zougelooss ginn dee Moment, wou mer dann natierlech och de Mariage fir gläichgeschlechtlech Koppele gemaach hunn.

Ëmsou méi wëlle mer déi zwou Saachen an engem Gesetzesprojet fäerdeg leeën. An ech mengen, ech kucke riicht der Familljeministesch an d'Aen,...

Plusieurs voix.- Ooohhh!

(Interruptions diverses)

M. François Biltgen, *Ministre de la Justice.-* ...mir kéinten nach virun der grousser Vakanz hei e seriöe Projet déposéieren. Et wär fir eis wichteg, dass mer déi doten, wat och zum Deel méi politesch Froe sinn, esou séier wéi méiglech kéinte klären, ier dass mer mat all deenen technesche Froen och richteg weiderkommen, déi an der Commission juridique sinn.

Mir sollen eist Familljerecht dépoussiéréieren. Mir sollen et den neien Zäiten adaptéieren. Dat wëllt net soen, dass mer d'Wäerter reniéieren. Mä dat wëllt einfach soen, dass mer kucken de Realitéite Rechnung ze droen, d'Wäerter esou deklinéieren, dass mer d'Gesetz esou maachen, dass déi Leit, déi zesummeliewen als Koppel, mä awer och als Famill, Koppel mat Kanner oder zu Eenzelne mat Kanner, well och dat gëtt et jo ëmmer méi, dass mer deenen déi néideg Protektioun ginn, fir sech kënnen als Famill ze entfalen.

Ech soen Iech dofir alleguer Merci fir déi Diskussioun, déi mer haut haten. Ech mengen, dass dat och der Regierung wäert hëllefen, fir esou séier wéi méiglech Iech mat engem Gesetzesprojet ze befaassen.

Ech soen Iech Merci.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.-* Très bien!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen dem Justizminister François Biltgen Merci fir seng Ausféierungen. Domadder wäre mer um Enn vun dëser Diskussioun.

Ier mer zum leschte Projet kommen, géife mer elo nach eng Question urgente huelen, déi ech akzeptéiert hunn, an zwar vun der Madame Nancy Arendt un d'Familljeministesch, wat d'Zréckféierung vun deenen Adoptivkanner zu Haiti betrëfft. Madame Arendt, Dir hutt d'Wuert.

7. Question urgente N°396 de Mme Nancy Arendt au sujet de l'évolution de la situation des enfants adoptés haïtiens étant donné qu'une nouvelle secousse vient de toucher Haïti

Mme Nancy Arendt *(CSV).-* Merci, Här President. D'Madame Ministesch vun der Famill huet gëschter duerchblécke gelooss, datt stënterlech Änderunge kéinte kommen am Dossier ebe grad vun deenen 13 Familljen, déi Kanner aus Haiti wéilten adoptéieren. An ech mengen, well mer eis alleguerten an d'Haut vun deene Familljen kënne setzen a mat hinnen hoffen a mat hinne baangen, wollt ech d'Madame Ministesch froen, virun allem well erëm en Nobiewe komm ass op Haiti, ob se do eventuell nei brisant Informatiounen huet, déi eis hoffentlech berouege kënnen. Ech mengen, d'Madame Ministesch huet nei Informatioune fir eis.

M. le Président.- Ech soen der Madame Arendt Merci, an elo kritt d'Wuert d'Madame Familljeministesch Marie-Josée Jacobs.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.-* Här President, eigentlech sinn ech an der Situatioun, fir kënnen zwou gutt Noriichten ze soen. Dat eent ass déi, datt deene 14 Kanner och an deem zweeten Äerdbiewen näischt geschitt ass, datt se also bei gudder Gesondheet sinn an, souwäit wéi dat an deem Land do ass, esou gutt sinn, wéi et ebe méiglech ass.

Déi aner Noriicht ass, déi hu vläicht Eenzelner vun Iech elo de Mëtteg ewell héieren, datt mer an der Nuecht, an där vu gëschter op haut, et fäerdeg bruecht hunn, fir déi Ënnerschrëft vum Premierminister ze kréien, fir datt d'Kanner kënnen erauskommen aus Haiti. A mir hunn nach an därselwechter Demande och gefrot, datt se eis sollen d'Autorité parentale iwwerdroen, wou mer hoffen, datt mer domadder et méi liicht kréien hannenno - mir hate jo elo laang hei Rieds iwwer Adoptiounen -, fir dat dann ze maachen.

Dat heescht net - well elo aner Leit sinn, déi soen: „Et ass jo eng Sauerei! Déi kréien hir Kanner direkt. Mir mussen do laang Prozedure maachen!" -, dat heescht, datt d'Kanner hei sinn, mä dat heescht net, datt déi Kanner adoptéiert hei sinn.

Et sinn also och déi Prozeduren ze maachen a richteg ze maachen. Dat ka jo guer net aneschters sinn. Mä wéi gesot, déi Elteren, deenen hunn ech dat och de Moie gesot, an déi si sech däers och bewosst, datt et riskéiert méi komplizéiert ze ginn, well eben déi Jugementer vun den Adoptiounen an Haiti net gesprach goufen.

Dat ass also elo de Stand der Dinge.

Mir hunn opgrond vun deem Dokument, wat mer kruten, elo d'Méiglechkeet... Mir hunn déi gutt Zesummenaarbecht nach ëmmer mat de Frënn aus Holland. Mä wa mer awer elo net bei hinne kënne Plaze fannen am Fliger, ass et iwwert dat hei Dokument erméiglecht, mat anere Länner, wou mer och am Gespréich sinn, ze kucken also, deen éischte Fliger, dee méiglech ass, datt mer da kënnen d'Kanner mat do drakréien.

Ech hunn de Mëtteg gesot, ech avancéiere mech net, wéini datt dat ass, well kee Mënsch weess dat. Kee Mënsch weess, wéini datt e Fliger erausgeet. Dat kann an enger Stonn sinn, dat kann an dräi Stonne sinn. Mä dee Moment, wou mer dat wëssen, an dat hunn ech och mat den Elteren esou ofgemaach, wa mir bis wëssen, datt d'Kanner an engem Fliger sinn, géife mer si ruffen, an duerno géife mer och d'Press ruffen, fir datt deen Terror ophält, datt andauernd aner Meenungen an aner Nouvellë kommen, déi just dozou féieren, datt déi Leit, déi natierlech selwer betraff sinn, nach vill méi onglécklech sinn an dann erëm enttäuscht sinn, wann et dann awer net esou ass.

Also, och Iech soe mer, datt, soubal wéi mer et wëssen, dann natierlech d'Leit dat och gewuer ginn.

Merci.

M. le Président.- An ech soen der Madame Familljeministesch Merci. Mir kéimen elo als leschte Punkt vun eisem Ordre du jour un de Projet de loi 5923 iwwert d'Unerkennung vu finanzielle Sanktiounen. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgelueght. Et hu sech bis elo schonn ageschriwwen: déi Häre Bettel, Bodry, Braz an Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

8. 5923 - Projet de loi relative à l'application du principe de reconnaissance mutuelle aux sanctions pécuniaires

Rapport de la Commission juridique

M. Gilles Roth *(CSV), rapporteur.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 5923 ass e weidert Puzzlestéck beim Schafe vun engem gemeinsamen europäesche Rechtsraum. Geldstrofen, déi an engem europäesche Land vun engem Geriicht gesprach ginn, mussen an deem anere Land ouni vill prozeduraalt Gedeessems exekutéiert ginn.

Mat dësem Gesetzesprojet kritt den Uerteel vun engem Strofgeriicht zu Helsinki hei am Land deeselwechte Stellewäert, wéi wann dat Uerteel zu Dikrech - do gëtt also net nëmme Béier gebraut - gesprach gi wär.

Dëse Gesetzesprojet fënnt säi politeschen Ursprong an de Konklusioune vun dem Europäesche Rot vun Tampere aus dem Joer 1999. Deemools gouf vun den EU-Stats- a Regierungschefe festgehalen, dass déi géigesäiteg Unerkennung vu Geriichtsuerteeler e Kärstéck vun der Justizzesummenaarbecht an dem Zivil, an dem Strofberäich wär. Et huet awer bis an d'Joer 2005 gedauert, bis et zu enger europäescher Kaderdécisioun koum, déi mat dësem Gesetzesprojet ëmgesat gëtt.

Här President, an Zukunft kann ee Memberstat aus der Europäescher Unioun, wou d'Geriichter eng Geldstrof verhaangen hunn, dës Sanktioun och hei am Land exekutéieren an d'Geldstrof deemno zu Lëtzebuerg akasséiere loossen. Datselwecht zielt natierlech um ëmgedréinte Wee. Eng Geldstrof, déi vun engem Lëtzebuerger Geriicht gesprach gouf, kann och am Ausland ageklot ginn.

Dozou just e puer Prezisiounen.

Éischtens, bei de Geldstrofen handelt et sech ëm eng Zomm vu Suen, zu där eng Persoun veruerteelt gouf, déi eng Strofdot begaangen huet. Dorënner falen och Entschiedegungen, déi en Affer vun engem Strofgeriicht zougesprach kritt, grad wéi Prozesskäschten. Viséiert sinn och nach d'Bäiträg, déi dee Veruerteelte gegebenenfalls enger allgemengnëtzlecher Organisatioun, zum Beispill engem Wäisse Rank, misst bezuelen.

Ausgeschloss sinn dergéint zum Beispill eng Partie civile, dat heescht eng Entschiedegung, déi d'Affer net direkt opgrond vun der Strofdot selwer kritt, mä fir den zivilrechtleche Schued, deen him allgemeng duerch d'Feelverhale vun dem Täter entstanen ass.

Dëst ass an der Justizkommissioun vun eenzelnen Deputéierte bedauert ginn. Déi europäesch Kaderdécisioun, déi mir mat dësem Gesetzesprojet eent zu eent ëmsetzen, gesäit dëst awer net vir. An esou Fäll muss deemno weiderhin op déi klassesch Rechtshëllefofkommen aus dem Zivilberäich zréckgegraff ginn.

Zweetens, ënnert dëse Gesetzesprojet falen nëmme Geldstrofe vun iwwer 70 Euro, déi vun engem Strofgeriicht gesprach goufen oder enger Verwaltungsautoritéit wéinst enger Strofdot. An alle Fäll muss de Beschëllegten d'Méiglechkeet kréien, seng Affär virun e Strofgeriicht ze bréngen. Eng

Strof vun engem däitschen Ordnungsamt kann also zu Lëtzebuerg akasséiert ginn.

Här President, interesséieren oder vill méi berouegen däerft an deem Kontext wuel, dass ee sougenannte Protokoll, also een Avertissement taxé, zum Beispill duerch falsch Parken am Ausland, net vun dësem Gesetz betraff ass. Hunn ech also op der belscher Plage d'Parkdauer iwwerschridden, kann dee Protokoll zu Lëtzebuerg am Prinzip net agedriwwe ginn. Et sief dann, et géif dowéinst an der Belsch zu engem regelrechte Geriichtsuerteel géint dee betraffene Chauffeur kommen. Datselwecht zielt och, wann ee vun engem Radar, zum Beispill tëschent Metz an Thionville, geblëtzt gëtt. Soulaang et zu kenger Verurteelung duerch e franséischt Strofgeriicht vun deem ze presséierte Lëtzebuerger Automobilist kënnt, kënnen d'Suen hei am Land net agedriwwe ginn. D'Begrënnung ass déi, dass et sech ëm en Avertissement taxé, mä net ëm e Geriichtsuerteel handelt.

Drëttens, d'Geldstrofen, déi opgrond vun dësem Gesetzesprojet agedriwwe ginn, betreffe physesch Persounen, also den eenzelne Bierger, mä och déi sougenannte Personnes morales, dat heescht eng Firma oder eng Entreprise. Hei am Land hu mer zwar am Moment nach keng legal Basis fir déi strofrechtlech Verurteelung vun enger Personne morale. Den deementspriechende Gesetzesprojet ass awer um Instanzewee a misst deemnächst an de Plenum kommen. Mä och scho bis dass dat Gesetz a Kraaft ass, muss elo eng Geldbouss, zu där eng Lëtzebuerger Firma vun engem auslännesche Strofgeriicht verurteelt gëtt, zu Lëtzebuerg akasséiert ginn.

Här President, Geldstrofe kënnen hei am Land akasséiert ginn, wann déi Persoun, déi vun engem auslännesche Geriicht verurteelt gouf, hei am Land hire Wunnsëtz huet. Dat ass am Prinzip déi Plaz, wou déi betraffe Persoun ugemellt ass. Akasséiert kann och zu Lëtzebuerg ginn, wann déi schëlleg Persoun wuel am Ausland ugemellt ass, mä hei am Land effektiv wunnt. Bei den Entreprisen zielt fir d'Zoustännegkeet vun de Lëtzebuerger Autoritéiten de Firmesëtz.

Véiertens, vun de klassesche Rechtsprinzipien hier ass déi grouss Neierung vun dësem Gesetzesprojet wuel déi, dass en auslännescht Strofgeriicht eng Geldstrof festleet an déi automatesch, dat heescht ouni Appréciatioun vun de Lëtzebuerger Geriichter, hei am Land unerkannt ass. Dat Eenzegt, wat gepréift gëtt, ass, ob den Tatbestand, deen zur Geldstrof gefouert huet, effektiv och hei zu Lëtzebuerg strofbar ass. Et spillt also generell de Rechtsprinzip vun der sougenannter duebler Incriminatioun, dat heescht den Tatbestand muss souwuel am Ausland wéi och hei zu Lëtzebuerg strofbar sinn.

Ausnahm sinn ausdrécklech eng Rei vu schwéiere Strofdote wéi Terrorismus, Mënschenhandel, Bedruch oder illegale Waffenhandel an däers méi. Mä all dës Strofen, déi am Gesetzesprojet eenzel opgelëscht ginn a wou am Prinzip déi duebel Incriminatioun muss spillen, sinn hei am Land souwisou strofbar, esou dass sech do kee gréissere Problem stellt.

Déi automatesch Unerkennung vun engem auslännesche Geriichtsuerteel kann eigentlech nëmme refuséiert ginn a folgende Fäll: wa schonns eng Verurteelung wéinst deemselwechten Tatbestand zu Lëtzebuerg oder an engem anere Memberstat stattfonnt huet - hei handelt et sech ëm de Prinzip vum „ne bis in idem"-, wann déi verurteelte Persoun manner wéi 16 Joer huet, wann d'Geldstrof ënner 70 Euro läit, wann d'Strofdot verjäert ass oder eng Immunitéit virläit, zum Beispill bei engem Diplomat.

Doniewent gëtt et eng Rei Fäll, wou et ëm den Ermiessensspillraum vun de Lëtzebuerger Autoritéite geet. Si kënnen oder mussen awer och net dat auslännescht Uerteel unerkennen, wann d'Strofdot sech ganz oder deelweis zu Lëtzebuerg ofgespillt huet, wann déi beschëllegte Persoun net vun der Geriichtsprozedur selwer informéiert war, respektiv dass de Beschëllegten net matgedeelt krut, dass hien och kéint e Recours maachen.

Fënneftens a leschtens, d'zentral Autoritéit, fir dëse Gesetzesprojet ëmzesetzen, ass hei am Land de Procureur général. Konkret geschitt déi Andreiwung vun engem auslännesche Geriichtsuerteel mat enger Geldstrof dee Moment folgendermoossen: De Procureur général kritt vun der auslännescher Zentralstell ee standardiséierten Zertifikat, deen all Informatioune liwwert betreffend déi verurteelte Persoun, d'Strofdot, déi si begaangen huet; d'Geriicht, dat d'Uerteel gesprach huet, grad wéi eng Kopie vun dem Uerteel. De Procureur général kontrolléiert, ob d'Konditioune vun deem Gesetz erfëllt sinn, gëtt dann den Dossier un d'Enregistrementsverwaltung virun, déi dann d'Sue bei dem beschëllegte Bierger akasséiert.

An der Praxis ass also d'Prozedur déiselwecht, wéi wann d'Lëtzebuerger Uerteel hei am Land géif exekutéiert ginn. Wann am Ausland schonn en Deel vun der Geldstrof bezuelt ginn ass, da gëtt selbstverständlech dat ugerechent. D'Suen - an dat ass wichteg -, déi hei am Land akasséiert ginn, déi bleiwen an eiser Statskeess. Si ginn net an d'Ausland weider iwwerwisen. Géif de Grand-Duc eng Grâce spriechen oder et zu enger genereller Amnestie kommen, da kann hei am Land net méi exekutéiert ginn, mä am Ausland kënnen awer d'Poursuitë virugefouert ginn.

Här President, dat waren, op eng méi praktesch Aart a Weis, déi Haaptpunkte vun dem Gesetzesprojet iwwert déi géigesäiteg Unerkennung vun de Geldstrofen. Ech verweise fir de Rescht op mäi schréftleche Rapport. E gouf an der Justizkommissioun eestëmmeg ugeholl. De Rapport recommandéiert, dëse Projet de loi ze stëmmen.

Ech gi fir mäin Deel d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen dem Här Roth Merci, an als éischte Riedner ass den Här Bettel agedroen. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Här Roth Merci soe fir dee schréftlechen an och dee mëndleche Rapport. Mir hu just eng - keng Kritik -, mä eng Suggestioun gemaach, och an der Kommissioun, déi ech och eng Kéier hei ervirhiewen. An engem Procès pénal, wéi et meeschtens geet, dat heescht, hei hu mer dann, wann eng Sanction pécuniaire gesprach gëtt an engem Procès pénal, Correctionnel oder Crime, dat heescht eng Amende, wou gesot gëtt: „Dir kritt esou vill Prisong plus eng Amende oder Dir kritt just eng Amende", dass de Ministère public da mat senge Moyenen, mat sengem Parquet, mat senger Police, mat sengem ganzen Apparat, dann déi auslännesch Autoritéit freet, och mat där hirem ganzen Appareil judiciaire, fir dann déi Suen anzekasséieren.

De Problem, deen Der hutt: Deen, deen am schwaachsten ass an engem Procès pénal, ass ganz oft d'Partie civile. Dat heescht, d'Partie civile, déi fir Schued e Prozess mécht, an ech mengen, wa jo duerno en Uerteel fäerdeg ass, och Partie zu engem Prozess war, an, wann d'Uerteel jo och definitiv ass, d'Suen zegutt huet.

Duerfir hate mer fonnt, dass et gutt gewiescht wier, wann d'Lëtzebuerger souguer méi wäit gaange wieren, an dobäi an engem Prozess, wann de Ministère public schonn enger auslännescher Instanz seet: „Mir hätte gären esou vill Suen.", dass een dann d'Suen, déi d'Partie civile zegutt huet, och derbäisetzt, fir dass deen, deen am Fong d'Victime an engem Prozess ass, net nach selwer muss am Ausland e Prozess, en Affekot huelen, Käschten droen, fir da säi Schued anzekloen.

Mir fannen et schued, dass déi Chance hei verpasst ginn ass, fir dat matzebréngen. Mir hunn e ganze Projet de loi gehat a gekuckt, d'Amélioratioun vum Statut vun der Victime ze hunn an engem Prozess. Dat heite wier am Fong eng Suite logique gewiescht vun där Philosophie, déi dës Chamber gär gehat hätt. C'est une chance ratée. Mais bon, et weess ee jo ni, vläicht komme mer awer nach eng Kéier derzou, fir dass eng Victime an engem Prozess, an ech insistéieren, déi déi schwaachst Partei an engem Prozess ass, och vläicht vum Stat ka gehollef kréien, wann esou Saachen do sinn. Mä mir wäerten dëse Projet de loi stëmmen, an, wéi gesot, nach eng Kéier Merci un de Rapporteur.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Bettel. Da kritt elo nach d'Wuert den Här Bodry.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Merci, Här President. Och vun eiser Säit den Accord zu deem doten Text, dee mer hei - mengen ech - propper ëmgesat hunn an deen - mengen ech - wichteg ass fir d'Glafwierdegkeet vun Europa. Ech mengen, weiderhi muss natierlech d'Suerg si bei esou Texter, dass déi Rechtssystemer an den eenzelne Memberstate korrekt funktionéieren - mir wësse jo, dass et do awer emol deen een oder anere Schwaachpunkt an eenzelne Memberstate gëtt -, well soss kann natierlech d'Exekutioun vun Uerteeler, déi geholl gi sinn an engem Justizsystem, deen net uerdentlech funktionéiert, dann awer och zu Ongerechtegkeete féieren an zu ganz ongemittleche Situatiounen.

Et ass also wichteg, dass ee weider am A behält, dass an Europa, an der EU, déi eenzel national Rechtssystemer, besonnesch och d'Strofjustiz, korrekt funktionéieren, an dass do virun allem awer och d'Uerteeler net parteiesch sinn an dass d'Défense natierlech mat all hire Rechter do kann zum Zuch kommen, wéi dat an engem équitabele Prozess soll sinn.

Fir de Rescht, si mer der Meenung, dass mat dem Respekt vun dem Prinzip vun der duebeler Incriminatioun, och mat dem Prinzip, dass een net kann zweemol wéinst deemselwechte Vergehe verurteelt ginn, dass dat wichteg ass, dass also déi Sécherheetsbestëmmunge mat an deem heiten Text mat dra sinn.

Fir de Rescht wëll ech meng Douten awer hei ausdrécken, dass dat, wat hei d'DP gefrot huet, dass dat juristesch machbar ass. Well hei muss jo awer… Mir kënnen net eesäiteg an eisen Text schreiwen, dass Uerteeler kënnen an anere Länner autoriséiert ginn. Respektiv kéinte mer dat héchstens bei eis soen, dass, wann en Uerteel bei eis kënnt, dass et da kann exekutéiert ginn.

Ech mengen awer, dass bei esou Systemer d'Regel vun der Réciprocitéit…

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Firwat?

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- …muss gëllen, dass de muss op béide Säiten eigentlech déiselwecht Rechter a Flichten hunn.

(Interruption)

An ech fannen dat also net onbedéngt gutt, zumools, wéi gesot, well ech nach ëmmer meng Douten hunn, ob all Justizsystemer esou gutt ka funktionéieren, besonnesch, wann…

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Eisen?

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- …wann net nationaler mat implizéiert sinn. An esou Prozesser hunn ech léiwer, et soll een bei deenen dote Punkten e bësse méi virsiichteg sinn an u sech hei net e Broch maache mat dem Prinzip, dass eigentlech d'Réciprocitéit sollt gëlle bei esou internationalen Accorden.

Dat gesot, selbstverständlech, bréngen ech och d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun an.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen dem Här Bodry Merci. Als nächste Riedner ass den Här Braz agedroen. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

M. Félix Braz *(déi gréng)*.- Här President, déi gréng Fraktioun gëtt och hir Zoustëmmung, well mer mengen, dass et zu engem gemeinsame Rechtsraum onbedéngt gehéiert, dass ee sech géigesäiteg och d'Uerteeler unerkennt, an och bei der géigesäiteger Exekutioun hëlleft.

Wéi den Här Bodry wëll ech awer och drop hiweisen, dass et natierlech Schwieregkeete gëtt, well net alleguerten d'Länner an der Europäescher Unioun op all de Punkten an der Prozedur an hirem Rechtssystem op deemselwechten Niveau sinn.

An dat kann natierlech Schwieregkeete schafen, ass awer kee Grond, fir net op deen heite Wee ze goen. Et ass éischer e Grond, fir ze probéieren, um europäeschen Niveau och gemeinsam Standarden am Rechtswiesen ze schafen, déi ebe gemeinsam Garantien herno duerstellen an och sécher kënne stellen à terme, dass bei all den Uerteeler, déi unerkannt ginn, och déiselwecht Grondprinzipie respektéiert gi sinn. Dat schéngt eis dee richtege Wee ze sinn.

Duerfir nach eng Kéier: Mir ginn eis Zoustëmmung. An ech wëll och dem Här Roth Merci soen, dee bei dësem Projet de loi net nëmmen als Rapporteur, mä och soss eng grouss Hëllef war.

M. le Président.- Merci dem Här Braz. An da kritt nach den Här Henckes d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och vu menger Säit aus dem Här Roth e grousse Merci, well en a sengem mëndleche Bericht notamment ganz gutt higewisen huet op déi Froen, déi sech vill Bierger stellen, notamment wat verschidde Protokoller oder Avertissement-taxéen ugeet op där enger oder anerer Autobunn, wa se am Ausland mat hirem Auto iwwert déi Autobunne fueren.

Mä et stelle sech hei awer och e puer praktesch Froen.

Dat ass déi vun der Ëmsetzung vun der Décisioun vun dem Gesetz, wat mer hei stëmmen, an ze kucken, ob d'Administration de l'enregistrement all Kéiers à même ass, dat Akasséieren dann och ze realiséieren. Do hunn ech e bëssen Zweifel, well dat awer heiansdo zu Schwieregkeete kéint féieren.

Déi zweet Saach, déi ech wollt bemierken, dat ass, datt ech hoffen, datt an Zukunft all Projet oder Avant-projet de décision-cadre, deen um europäesche Niveau diskutéiert gëtt, an der zoustänneger Kommissioun och sollt aviséiert ginn. Ech mengen, dat wär eppes, wat ons elo scho gewisen huet, datt notamment um Gebitt vun der Justiz, wou et vill Décisions-cadre ginn ass, oder amgaange sinn, diskutéiert ze ginn, datt een do soll op dee Wee goen. Elo, iwwert de Wee vum neien europäeschen Traité wäerte mer an Zukunft viraussiichtlech méi iwwert de Wee vun Direktive goen. Mä och do ass natierlech schonn eng Prozedur virgesinn.

Deen anere Punkt, deen ech wollt uschneiden, ass dee vun de Parties civiles. Do wier och meng Bemierkung, datt ech léiwer gehat hätt, datt mer am Virfeld vun der Décision-cadre hätte kënnen ons Bemierkunge mat do afléisse loossen. Vu datt mer awer eng Gesetzgebung hunn iwwert d'Victimen, datt een deen Ablack awer och misst da sécherstellen, datt déi Partie civile, déi jo eng Victime ass, deen Ablack kann, wann am Ausland eng Amende akasséiert gëtt, iwwert d'Méiglechkeet, datt se Asiicht kann an den Dossier kréien, dann awer wéinstens gewuer gëtt, wou déi Persoun, déi se muss indemniséieren, wunnt, an dann deen Ablack gehollef kritt, fir also am Ausland och déi Suen, déi se als Partie civile huet, andreiwen ze kënnen.

Dat schéngt mer eppes, wat ganz wichteg ass. Et schéngt och a mengen Aen en vue vun der bestehender Gesetzgebung méiglech ze sinn, fir déi Informatioun ze kréien.

Woufir werfen ech dat op? Ma well et ganz oft bei der Partie civile d'Schwieregkeet ass, datt se net déi Moyenen huet vun engem franséische Stat oder belschen, an engem auslännesche Stat, fir erauszefannen, wou eng Persoun wunnt. Dat ass meeschtens ganz schwéier. A wann een hei iwwert de Wee vun dem Encaissement vun enger Amende pénale kéint déi Informatioun kréien, da wär dat op jidde Fall vu groussem Nëtze fir d'Akasséiere vun der Indemnitéit, déi d'Partie civile zegutt huet.

Dat gesot, wollt ech den Accord vun der ADR zu dësem Gesetzesprojet bréngen.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen dem Här Henckes Merci. Elo kritt nach d'Wuert den Här Justizminister François Biltgen.

M. François Biltgen, *Ministre de la Justice*.- Merci, Här President. Ech mengen,

de Rapporteur Gilles Roth huet alles gesot am Detail.

Just ee Wuert zu deem, wat den Här Bettel an den Här Henckes iwwert d'Partie civile gesot hunn. Ech mengen, dass mer net sollten op dee Wee goen. Mir hunn et jo net gemaach aus zwee Grënn.

Deen éischten huet - wat verwonnert lech dat haut?! - den Här Bodry schonn a mengem Numm virausgeschéckt,…

(Hilarité)

…nämlech, dass et vill ëm Réciprocitéit geet. A mir mussen elo jo an Zukunft kämpfe mam Traité de Lisbonne, fir vill méi där doter Texter ze kréien. An ech mengen, dofir soll ee sech op d'Réciprocitéit beruffen.

Dat zweet Argument. Dat soen ech dem Här Bettel, well seng Partei eng ass, déi ëmmer seet, zu Recht, wa mer eng Direktiv ëmsetzen: „Toute la directive, rien que la directive; eent zu eent." An ech mengen, dass dat wierklech hei richteg ass, dass mer hei sollen dat ëmsetzen - dat hu mer gemaach - an net nach aner Saache maachen.

Mir kréien nach vill Diskussiounen, Här Bettel,…

(Interruption)

…fir intern aner Saachen ze maachen, mä et soll een net eng Décision-cadre benotzen, fir aner Problemer ze léisen, déi ee muss op deem Plang léisen, wou ee se ka léisen. Dat gesot, sinn ech frou ze héieren, dass mer haut scheinbar eng Unanimitéit kréien.

M. le Président.- Ech soen dem Justizminister Merci, a mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

De Vote ass ofgeschloss an de Projet de loi ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Raymond Weydert), Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Lucien Clement), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Alex Bodry), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Ben Scheuer);

MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Carlo Wagner), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. André Bauler), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dat ass also esou décidéiert.

Domadder si mir um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer um hallwer dräi nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.49 heures)

SÉANCE 18

JEUDI, 21 JANVIER 2010

Présidence: M. Laurent Mosar, Président • Mme Lydie Polfer, Vice-Président

Sommaire

1. Question avec débat N°2 de M. Henri Kox au sujet des engagements de l'État dans Enovos et les projets d'investissement dans des centrales au charbon

- *M. Henri Kox - M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*

2. Dépôt d'une motion par M. Félix Braz

- *M. Félix Braz*

3. Question avec débat N°5 de M. Eugène Berger au sujet du passeport énergétique

- *M. Eugène Berger - M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*

4. Question urgente N°389 de M. Claude Adam relative à la faille de sécurité détectée dans Internet Explorer

- *M. Claude Adam - M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur, Mme Octavie Modert, Ministre déléguée à la Fonction publique et à la Réforme administrative*

5. 6059 - Projet de loi relatif à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation rationnelle des ressources naturelles

- *Rapport de la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire: M. Claude Haagen*
- *Discussion générale: M. Félix Eischen, M. André Bauler, M. Henri Kox (dépôt d'une motion)*
- *M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur, M. Henri Kox*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- *Motion 1 (renvoi en commission)*

6. Interpellation de Mme Anne Brasseur au sujet du chantier du Musée de la Forteresse

et

6071 - Projet de loi relatif aux mesures d'achèvement

- du Musée de la Forteresse de Luxembourg dans le réduit du Fort Thüngen, et
- de la mise en valeur de certaines parties de la forteresse du Luxembourg
- *Exposé: Mme Anne Brasseur (interpellatrice) (dépôt d'une motion)*
- *Rapport de la Commission de la Culture: M. Marcel Oberweis*
- *Discussion générale: M. Norbert Haupert, M. Marc Angel, M. Claude Adam (dépôt d'une motion), M. Fernand Kartheiser, M. Jean-Louis Schiltz*
- *Mme Octavie Modert, Ministre de la Culture*
- *Vote sur les motions 1 et 2 (rejetées)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

7. Motion déposée par M. Félix Braz

- *M. le Président (renvoi en commission)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jeannot Krecké et Mme Octavie Modert, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

M. le Président.- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Mir kéimen dann elo zu eisem éischte Punkt vum Ordre du jour, nämlech enger Question avec débat Nummer zwee vum Här Henri Kox iwwert d'Bedeelegung vum Stat bei Enovos. Den Auteur vun der Fro huet fënnef Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an - no der Äntwert vum Minister - seng Zousazfro virzedroen. Der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

1. Question avec débat N°2 de M. Henri Kox au sujet des engagements de l'État dans Enovos et les projets d'investissement dans des centrales au charbon

M. Henri Kox *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, meng Froen un de Wirtschafts- an Energieminister Krecké betreffen d'Investitiounspolitik vun Enovos an nei Energieproduktiounsanlagen. No der méi wéi enttäuschender Virstellung vun der Weltpolitik op der Klimakonferenz zu Kopenhagen däerfe mir grad elo net de Kapp an de Sand stiechen, mä méi wéi jee eng zukünfteg nohalteg Energiepolitik opstellen. Besonnesch déi westlech Industrielänner mussen dobäi hir Responsabilitéit iwwerhuelen, fir an eng méi couragéiert a méi ëmweltfrëndlech Energiepolitik ze investéieren.

Och Lëtzebuerg huet natierlech säin Undeel do ze iwwerhuelen. De Lëtzebuerger Stat, mat senger iwwer 28%eger Bedeelegung a gréissten Aktionär vun Enovos, huet deemno d'Flicht, d'Investitiounspolitik vun Enovos an déi Richtung ze dirigéieren. Et ass bekannt, dass Enovos am noen Ausland eng Rei Investitiounen an erneierbar Energië mécht, esou zum Beispill am Raum Tréier am Beräich vun der Fotovoltaik - eng nohalteg Energiepolitik oder Technologie, déi jo net grad méi hei am Land erwënscht ass. Dëse Projet am Raum Tréier fënnt natierlech eis Ënnerstëtzung.

Och gëtt grouss an der Press ugekënnegt, dass Lëtzebuerg via Creos, also déi lëtzebuergesch Netzgesellschaft, sech um Projet vun der Verkabelung vun der Nordsee wëll bedeelegen, fir den immense Wandpotenzial besser kënnen ze notzen. Och dat fënnt eis Ënnerstëtzung.

Méi roueg dergéint gëtt et awer iwwert déi aner, méi am Stëlle gehandelt Projeten. Ganz roueg gëtt et zum Beispill, wann et ëm Investitiounen am Beräich vun de Kuelekraaftwierker geet. Do ass een da frou, wann eng Ëmweltorganisatioun wéi zum Beispill Greenpeace oder nach anerer dës Politik ëmmer nees a Fro stellen an och deels kritiséieren an entlarven: Kuelekraaftwierker, déi jo bekanntlech déi CO_2-intensiivsten Energieproduktiounsformen duerstellen. Mir brauchen eis deemno net iwwert d'Kuelepolitik vu China opzereegen, wa mir Europäer selwer nach ëmmer an déi klimaschiedlechst Energieform investéieren.

Esou gëtt et zwee Projeten am Beräich vun der Kuelenindustrie, wou Enovos mat partizipéiere wëllt, an domat och indirekt d'Ënnerstëtzung vun der Lëtzebuerger Regierung huet: ee Projet eng Kéier an Holland, nämlech zu Rotterdam, an e Projet an Däitschland, nämlech zu Neurath. D'Kuelekraaftwierk an Holland, wat eng Leeschtung vu 400 MW Elektresch am Hafe vu Rotterdam opweist, schéngt - zumindest, wa meng Informatioune richteg sinn - duerch méi eng ëmweltfrëndlech Energieproduktioun ersat ze ginn. D'Kuelekraaftwierk soll duerch e Gaskraaftwierk mat Wärmeauskopplung ersat ginn. Och dës Entwécklung kënne mir dann nëmmen ënnerstëtzen. Ze beäntwerte vum Minister bleift just, ob déi Informatiounen och stëmmen an ob de Minister eis hei mat méi Explikatiounen zu dësem Projet kann déngen.

En zweete Projet, wou mir awer iwwerhaapt net kënnen domat averstane sinn, ass d'Bedeelegung um Braunkuelekraaftwierk vun Neurath an Däitschland. Dëse Projet gesäit vir, dass déi Anlag op 2.200 Megawatt ausgebaut soll ginn, a wou Enovos sech eng Tranche vu 50 Megawatt reservéiert huet. Besonnesch d'Braunkuel kënne mir als Energieträger haut net méi akzeptéieren. Si ass déi fossil Energiequell, déi am meeschte CO_2-Emissiounen ausstéisst. D'Braunkuelekraaftwierk huet pro Unitéit zweemol méi en héijen Ausstouss un CO_2 wéi zum Beispill e Gaskraaftwierk, ouni emol d'Wärmeauskopplung ze berücksichtegen.

Dës Technologie däerf a soll net méi vum Lëtzebuerger Stat ënnerstëtzt ginn. D'Glafwierdegkeet vun der ganzer Klimapolitik steet domat um Spill.

Duerfir wëll ech vum Här Minister wëssen, welch Iwwerleeungen hannert dëser Investitiounspolitik vun Enovos stinn an och stoungen, a fir wien dës Tranche geduecht war an ass, an ob deemno just ekonomesch Kritäre gezielt hunn an ëmweltpolitesch Kritären net a Betruecht gezu ginn.